N°3723
Entrée le 26.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n°3723 vum 3. Mäerz 2026 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen betreffend der TICE Linn 7.**

**1. Wien huet d'Decisioun getraff, datt d'Linn 7 vum TICE net méi laanscht de CHEM fiert?**

Et läit weder an den Attributiounen vun der Regierung, Diskussiounen aus engem Gemengerot nach e Bericht doriwwer ze kommentéieren.

Wat een awer soen kann, ass, dass d'Konzept vun RGTR an TICE fir de Süden an enker Zesummenaarbecht mat de Gemengen ausgeschafft ginn ass. All Gemeng hat d'Méiglechkeet, hir fundéiert Proposen anzebréngen. Dës Propose sinn duerno zesumme mat alle concernéierte Gemenge beschwat ginn, bis dass ee Gesamtkonzept ee breede Konsens fonnt huet.

**2. Wat waren déi konkret Grënn, déi zu dëser Decisioun gefouert hunn?**

E Busréseau ass als zesummenhängend Konstrukt ze betruechten. Beim Ausschaffe vum Konzept goufen et dofir verschidde Grënn fir de verännerte Linienverlaf vun der TICE Linn 7. Ënner anerem soll domat de Quartier Lalleng – mat senger Sportshal an dem Lycée – esou direkt wéi méiglech un d' Gare vun Esch ugebonne ginn. Gläichzäiteg erlaabt dës Adaptatioun, den Arrêt *CHEM* direkt beim Spidol mat enger méi regionaler Linn (RGTR 641, 30' Takt) unzefueren.

De Ministère ass sech der Wichtegkeet vum Arrêt *CHEM* bewosst a kann déi aktuell Bedenken novollzéien. Dofir wäert de Ministère d'Entwécklung vun de Passagéierzuelen op dëse Linne vum RGTR an TICE weiderhin am A behalen. Sollt sech aus den Zuelen an Zukunft weisen, datt op der aktueller Linn 641 méi Kapazitéit néideg ass, wäert de Ministère natierlech reagéieren an d'Kadenz weider erhéijen.

Doriwwer eraus ass am foussleefegen Ëmkrees vum Spidol d'Busoffer mam neie Konzept nach ausgebaut ginn:

- **TICE Linn 15:** 30' Takt beim *Arrêt Henri Dunant* oder *Place de Lodève* direkt beim Spidol.
- **RGTR Linn 643**: 30' Takt beim Arrêt *Rue de l'Hôpital* direkt beim Spidol.
- **TICE Linn 2**: 15'Takt beim Arrêt *Clinique Ste Marie* (500m bis bei d'Haaptentrée vum Spidol – 7'30'' ze Fouss).
- **TICE Linn 7**: 15'Takt beim Arrêt *Clinique Ste Marie* (500 m bis bei d'Haaptentrée vum Spidol – 7'30'' ze Fouss).
- **RGTR Linne 551/602/603**: Zousätzlech 4 Faarte pro Stonn an der Spëtzestonn beim Arrêt *Clinique Ste Marie* (500 m bis bei d'Haaptentrée vum Spidol – 7'30'' ze Fouss).

Lëtzebuerg, den 26. Mäerz 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes